N°2748
Entrée le 02.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Äntwert vun der Delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 2748 vum 6. August 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN.**

1) ***Ginn et, sief et zum Beispill am Kader vum Jugendschutz oder vun der Cybersécherheet, Iwwerleeungen an der aktueller Legislaturperiod den Asaz vun VPN-Verbindunge gesetzlech anzeschränken oder ze verbidden ?***

D'Benotzung vun engem VPN ass zu Lëtzebuerg legal, an et ass aktuell net geplangt, dës Notzung gesetzlech ze verbidden. De VPN kann a verschiddene Fäll avantagéis sinn, fir d'Cybersécherheet an d'Privatsphär ze schützen. Et ass awer wichteg ze betounen, dass d'Benotzung vun engem VPN kee juristesche Schutz géint illegal Aktivitéiten bitt: all illegal Handlung, déi iwwer e VPN ausgefouert gëtt – wéi zum Beispill Verstéiss géint d'Dateschutzgesetzgebung oder d'Propriété interllectuelle – bleift strofbar am Aklang mat der geltender Legislatioun.

Lëtzebuerg, den 2. September 2025

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE